

Sozialwalen

fir d'Chambre des fonctionnaires
et employés publics (CHFEP)

D'Kandidatinnen a Kandidate vun der
Féduse/Enseignement-CGFP
Kategorie A (*Fonctionnaires*)



GUIRSCH Mona
ép. HEYART

Secrétaire générale
AL, IFEN - Däitsch



SCHOLTES Raoul

President
LCE - Biologie

LËSCHT

5



KOHNEN Gilles

Member vum Comité
LAM, IFEN - Chimie



BINNA Lynn

Member vum Comité
ENAD - Däitsch

- **Wat ass d'CHFEP?**

D'CHFEP ass Verriedung vun deene Leit, déi beim Staat respektiv an de Gemenge schaffen.
D'CHFEP ass den Equivalent vun der Chambre des Salariés fir d'Agenten an der Fonction publique, während d'Patronat duerch d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers oder d'Chambre d'Agriculture vertrueden ass.

- **Wat mécht d'CHFEP?**

D'CHFEP formuliert haaptsächlech Avisen zu Projets a Propositions de loi, genee wéi zu Projets de Règlements grand-ducaux (www.chfep.lu).

Ausserdeem gëtt d'CHFEP juristesche Conseilen zu all méigleche Froen a Problemer. Si schéckt och Observateuren a staatlech Examen a Verrieder an divers Aarbechtsgruppen.

- **Firwat ass et wichtig, dass ECH wielen?**

Mat Äre Stëmmen ënnerstëtzt Dir prinzipiell d'Gewerkschaftsaarbecht an der Fonction publique an ënnersträicht eis Wichtigkeet am Secteur Enseignement secondaire a Formation des Adultes. Dir gitt eis gewerkschaftleche Poids bei Verhandlungen mam MENJE, MESR a MFPPA.

- **Wéini a wéi lafen dës Wahlen of?**

Ab dem **20. Mäerz** kritt all Beamten an Employé e Walziedel heemgeschéckt.

Fir gëltig ze sinn, muss dës Walziedel bis spëtstens den **31. Mäerz** erëm am Walbüro ukomm sinn. D'Zeréckschécke mat Hëllef vun där bäigeluechter Enveloppe ass **gratis** (ouni Timber).

WICHTIG INFO fir all d'Employéen:

D'Employéen (Chargéen) kënnen d'Féduse/Enseignement-CGFP [NET](#) direkt wielen, mee si kënnen eis trotzdem ënnerstëtzen, andeems si d'Lëscht vun eiser Schwësterorganisatioun, der **AEE/CGFP**, stëmmen, mat där mir am Alldag enk zesumme schaffen bei allem, wat den Enseignement betrëfft.



De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

Hëlleft eis fir Iech ze kämpfen!

Duerch all Är Stëmmen:

Stark fir d'Enseignanten!